

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An engem Interview am "Quotidien" vum 28. Juni 2021 bezeechent den Unterrichtsminister eisen traditionelle Lëtzebuenger Schoulsystem am Verglach zu den internationale Schoulen als "très ambitieux". Weiderhin bezeechent de Minister dëse Schoulsystem als "notre système trilingue très exigeant" am Verglach zu den internationale Schoulen, déi also méi einfach wieren.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister preziséieren, a wéiwäit déi international Schoule manner exigent si wéi déi traditionell Lëtzebuenger Schoul?
- 2) Ass den Här Minister der Meenung, dass een Ofschlossdiplom an enger internationaler Schoul deeselwechten Niveau huet wéi ee Premièresdiplom (fir deen de Schüler ee Joer méi laang an d'Schoul goe muss)? Ass den Niveau an den dräi administrative Sproochen ënnerscheedlech beim Ofschlossexamen?
- 3) Wéi ee Sproochenniveau (europäesche Referenzkader fir Sproochen) erreechen d'Schüler am traditionelle Lëtzebuenger System an am internationale System an eisen dräi administrative Sprooche Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch?
- 4) Wéi steet den Här Minister zur Ongerechtegkeet, déi dora besteet, dass, éischtens, d'Ofschlossdiplomer an deenen zwee Systemer gläich vill wäert sinn, obwuel den Ofschlossdiplom an der internationaler Schoul ee Joer éischer ze erreechen ass wéi deen an der traditioneller Lëtzebuenger Schoul, an, zweetens, dass eise Schoulsystem méi "exigent" ass wéi dee vun internationale Schoulen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup, Deputéierten

